

Sou hunn ech d'Annick an eisem Gespréich erlieft.

Wéi d'Annick, déi an hirer Jugend Ballet an enger Danzschoul geléiert huet, op Première war, huet si sech decidéiert fir Danz ze studéieren; no engem Joer an der Schwäiz, wou si sech op d'Opnamprüfungen fir op d'Héichschoule virbereet huet, entscheet si sech fir d'Danzakademie vu Rotterdam, wou si zäitgenësseschen Danz an Danzimprovisatioun studéiert, a mat engem Bachelor als Danzpedagogin ofschléisst.



D'Annick schafft als fräischaffend Dänzerin a Choreographin, entwéckelt hir eege Projeten a Spektakelen, eleng oder an Zesummenaarbecht mat aneren Artisten, a schafft och als Dänzerin oder Choreographin a Produktiounen vun anere Kënschtler mat. Dat lescht Joer hat si z.B. e ganz flotte Spektakel mam Regisseur Stéphane Ghislain Roussel an de Rotonden op d'Bün bruecht. Hei gouf mat 19 Museker an 8 Kanner geschafft an d'Annick huet zur Musek vum Steve Reich d'Kompositioun vun de choreografeschen Elementer aus dem Spektakel ausgeschafft.



Patrick Galbats

Mat vill Freed erzielt si och vum Projet blanContact, deem si zanter méi wéi 10 Joer am Mierscher Kulturhaus leet, a wou Amateurdänzer mat an ouni Behënnerung zesumme mat professionelle Kënschtler schonns 4 Danzspektakel geschafen hunn. Dëst Joer huet déi neisten Virstellung leider wéinst der Pandemie missten ofgesot gi, sou wéi och eng Rei aner flott Optrëtter vum Annick. Des Optrëtter wäerten zum groussen Deel och net nogeholl kënne ginn. Wat natierlech immens schued ass.

D'Annick erënnert sech och gären un ee mega Spektakel, den „Duerchzuch um Giele Botter“, 2007, am Kulturjoer, wou si mat 20 Artisten, ville Schof a natierlech engem interesséierten an iwerraschte Public eng Promenade choréographique duerch d'Landschaft organiséiert huet. Ziel war et d'Landschaft an hir Geschichte ze erliewen, duerch d'Aen an d'Ouere vun deene verschiddene Kënschtler déi op der Plaz gewierkt hunn. D'Zuschauer waren dobäi selwer a Bewegung an en Deel vun der Choreographie. Des Kollaboratioun war zesumme mam Kënschtlerkollektiv MASKÉNADA zustane komm, an huet vill positiv Souveniren zréckgelooss, souwuel beim Publikum, wéi bei de bedeelegten Artisten.

Genee esou spannend war de Spektakel „Hüllen“, wou d'Kostumière Ele Bleffert vun Tréier, dem Annick ee ganz spezielle Kostüm kreéiert hat. Dëse Kostüm huet d'Annick während dem Danzen ëmmer nees anescht ugedoen an ronderëm sech drappéiert, sou datt no an no nei Personnage, Frae vu verschiddenen Alteren an Epochen, ze erkenne waren.

Nieft hirer artistescher Tätigkeet, gött d'Annick Coursë fir kreative Kannerdanz (Danse et expression) an zäitgenësseschen Danz am Conservatoire du Nord. Donieft gött si och punktuell Workshoppe fir Erwuessener, an Danzateliere fir Kanner mat hiren Elteren, wou si zesumme léieren opmierksam mateneen ëmzegen, mat Bewegung exploréieren, sech op aner Kanner an Elteren aloossen, a ganz einfach iwuer Bewegung-an Danzspiller eng intensiv a flott Zäit matenee verbréngen.

D'Annick ass fasziniert vun de Beweegungs- an Ausdröcksméiglechkeete vum Kierper, a sicht permanent de Kierper besser ze verstoen, awer och de Mënsch am Kierper. Als Dänzerin a Choreographin ze schaffen, bedeit fir si d'Imaginatioun an de Kierper zesummen ze bréngen, fir doraus ëmmer nees nei Dänz ze gestalten.

Am Laf vun der Zäit huet si duerfir weider professionell Formatiounen, gemaach, déi all mat dem Kierper an der Bewegung ze dinn hunn. D'Annick ass practicienne vu Body-Mind Centering®, enger somatescher Kierperpraxis déi engem iwwert d'Bewegung, d'Stëmm an d'Beréierung erlaabt, säi Kierper besser kennen ze léieren, d'Bewegungsméiglechkeeten ze erfuerschen, a mat méi Freed a Liichtegkeet ze beweegen. D'Annick weist mir wéi si d'Bewegung kann aus de Knachen, der Muskulatur oder och nach dem Bindegewebe eraus initiéieren. Et ass eng fein motoresch a sensoresch Aarbecht a sengem eegene Kierper, an och an der Begéinung mat engem Géigeniwwer. Eppes wat een sech als Net-Dänzer oder Laien nëmme schwéier virstelle kann.



Boshua

D'Annick Pütz huet och eng Formatioun am Toucher cranio-sacral, ee subtilen Toucher deen esou wuel therapeutesch wéi och am Kader vum bien-être kann agesat ginn. Hei geet et dröms fir deene Rhythmen am Kierper, di duerch iergendwellech Ëmstänn an hirem Mouvement gestéiert gi sinn, nees de néidege Raum ze gi fir dass se sech op d'Neits kënnen harmonesch apendelen.

Fir d'Annick ass Danzen ee Liewenswee; Bewegung, Rhythmus, ass eng Manéier fir dem Liewen ze begéinen. A si hannerléisst op dësem Wee definitiv hir Spueren.



Boshua

An an der nächster Zukunft? Am Dezember ass déi nächst grouss Première, zu Köln, fir de Musektheaterprojet "Das Schweigen der Daphne", wou d'Annick als Dänzerin mat engem Acteur an enger Rei Museker op der Bün steet.

Merci Annick, fir des Aféierung an een dach net alldeegleche Beruff. Ech hoffen, dass mer vill Leit virwëtzig op d'Welt vum Danz gemaach hunn, eng Welt, déi bestëmmt fir vill vun eis an deem dote Mooss en onbekannten Terrain ass.

A wien sech wëllt weider iwwert dem Annick säi kënschtlerescht Schaffen informéieren, deen dierf dat gäre maachen op [www.annickpuetz.lu](http://www.annickpuetz.lu)

Di gebierteg Lënster Fra wunnt nach haut hei zu Lënster, an investéiert natierlech ganz vill Zäit an den Danz. Donieft ass si gären an hirem Gaart (d'Saache wuesse gesinn an se herno dierfe plécken), geet spadséieren a begéint hir Frënn a Kolleegen.

Wien virwëtzig ass an d'Annick an Aktioun wëll gesinn, kann dat ënnert dësem Link maachen: [vimeo.com/170799686](https://vimeo.com/170799686)

Françoise Hetto-Gaasch

Kulturschäffen